CHARLES MARGUE
DEPUTÉIERTEN

De Charel Margue (Joergang 1956) ass e lëtzebuergesche Politiker vun déi gréng. Zënter 2018 ass hien Deputéierten a President vun der Justizkommissioun. De Charel Margue, Wittmann, ass liéiert, Papp vun 3 Kanner a wunnt zu Lëntgen.

No senge Studie vun der Soziologie, der Politikwëssenschaft, der Demographie an dem Management am Gesondheetssecteur, huet de Charel Margue 1985 ugefaangen, fir TNS ILRES ze schaffen. Wärend senger professioneller Lafbunn huet hien sech drop spezialiséiert, d'Verhale vun Entreprisen, Konsumenten, Politiker, Wieler a Bierger z'analyséieren.

Vun 2013 bis 2018 war de Charel Margue als Meenungsfuerscher bedeelegt um Ausschaffe vum „Nation Branding"; hie war och Vizepresident vum Aarbechtsgrupp „sozial Kohesioun" am Kader vum „Rifkin Prozess".

Dem Charel Margue seng politesch Schwéierpunkte sinn d'Justiz, d'Ekonomie, d'Aarbechtswelt an d'Entwécklung vun der lëtzebuergescher multikultureller Gesellschaft an d'Integratioun.

Privat ass de Charel Margue och engagéiert bei "Justice et Paix", enger Kommissioun vun der lëtzebuergescher kathoulescher Kierch, bei der „Enercoop Uelzechtdall" a bei „JRS-LU" (Jesuit Refugee Service). A senger Gemeng Lëntgen ass hien aktiv an der Bautekommissioun.

CONTACT

Charles Margue
Député
4, rue du St. Esprit
L-1475 Luxembourg
cmargue@chd.lu
(+352) 46 37 40-1

Parlamentaresch Kommissiounen

- **Justiz (President)**
- **Aarbecht a sozial Sécherheet (Vizepresident)**
- **Institutiounen a Verfassungsrevisioun**
- **Famill an Integratioun**
- **Ekonomie, Verbraucherschutz a Weltall**
- **Vérification des pouvoirs**
- **Konten**
- **Reglement**

Parlamentaresch Delegatiounen

- **Conférence interparlementaire sur la stabilité, la gouvernance économique et la gouvernance au sein de l'UE**
- **Conseil Parlementaire Interrégional – Groussregioun**
- **Interparlamentaresch Scoutsgrupp**
- **Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe (Suppleant)**
- **Assemblée parlementaire de l'Union pour la Méditerranée (Suppleant)**

Weider Mandater a Funktiounen

- **Enercoop UD – Energiekooperativ Uelzechtdall**
- **Justitia et Pax**
- **JRS-LU**
- **President déi gréng Uelzechtdall**
- **ESOMAR (Europäesch Gesellschaft fir Maart- a Meenungsfuerschung zënter 1987)**